Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

Bericht vum Fernand Schmitt vum 13.09.2024

Ab dem Méindeg ass eis Lëtzebuerger Nationalequipe vun de Senioren nees ënnerwee fir un der WM am Sportfëschen deel ze huelen. Dës 70e Weltmeeschterschaft gëtt ausgedroen zu Béthune am Norden vu Frankräich, net wäit vun der Stad Lille eweg geleeën. Gefëscht gëtt um “canal d‘aire”. E schëffbaren Kanal wou och relativ vill däer grouss Pénichen wäerten passéieren an dobäi d’ Fëscherei net méi einfach wäerte maachen.

Eis Equipe besteet aus de Fëscher, Thinnes Mike, Meis Frank, Steffen Mike, Schmitt Jérôme, Schmitt Fernand, an als Réserve de Jadin Serge. Als Kapitän ass den Franck Pierre, an den Gang Stephan als Adjoint gemellt. Den Altmann Joe iwwerhëlt Tâche vum Delegéierten.

Am Virfeld waren den Bill an den Fern och schonns virun 2 Wochen dohin, fir den Kanal e bëssen kennen ze léieren. Dës Erkenntnisser sinn der Equipe och matgedeelt ginn. Déi gréissten Schwieregkeet wäert awer dëst Joer doraus bestoen wat Beschafen vum Fouilles ubelaangt. Dat wäerten mer dann gesinn, an hoffen dass mer do awer duerch eis vill Kontakter am Ausland zu den néidechen Quantitéiten kommen, fir kennen e gudden Match ze fëschen.

Ech wäert och eméi all déi Joer wou ech an der Equipe stoung, och des Kéier Iech doheem mat engem deeglechen Bericht an flott Fotoen ënnerriichten.